N° 60 | ABRËLL 2022

# Fëschber Gemengeblat



# Impressum


**Fëschber Gemengeblat**
Editioun Abrëll 2022

**Redaktiounsteam**
Sven BETTENDORF
Marianne BROSIUS
Marie-Louise HAAS
Dany HERMES
Marc KOLBER
Roland MINY
Delphine NOTARNICOLA
Lis WEBER
Frank WEYRICH

**Kollaboratioun**
Angsber Schoul
Elterevereenegung Fëschbech
Maison Relais
Schäfferot Gemeng Fëschbech
Daniel HOTTUA
Olivier MOLITOR
Daniel MOURA
Viviane THILL
Pamela THOLL

**Layout**
Delphine NOTARNICOLA

**Cover**
Olivier MOLITOR

**Editeur**
Gemeng Fëschbech
1, rue de l'église
L-7430 Fischbach
www.acfischbach.lu

**Drock**
Imprimerie de l'Est
2, rue Pierre Richardot (Z.I.)
L-6468 Echternach
www.imprimeriedelest.lu


*Wann Dir Loscht hutt fir beim Blat heiansdo een Artikel oofzeliwweren kënnt Dir Iech bei eis mellen* ***gemengeblat@acfischbach.lu***

*Redaktiounsschluss fir d'Fëschber Gemengeblat 61/2022 ass den 30/07/2022.*

***Mir soe jidderengem Merci, deen un dëser Nummer an iergendwellecher Form matgeschafft huet.***


**GEMENG**

Gemengerotssëtzungen 4
Matdeelungen
Nouvelles heures d'ouverture du bureau de la population 9
Avis au public 10
Aktivitéite ronderëm d'Gemeng
… à propos: Wandenergie 12
D'Schoulkanner planzen Uebstbeem 14
Grouss Botz 16

**ENSEIGNEMENT & ERZÉIUNG**

Aktivitéiten an der Schoul 18
Ein Interview über den Krieg in der Ukraine 28
Une visite chez les pompiers à Schoos 32
Aktivitéiten an der Maison Relais „bei de Kueben" 34

**WAT WAR LASS?**

Eng luewenswäert Aktioun vun de „Fraen a Mammen" 40
Generalversammlungen „En Apel fir den Duscht" 40
Hierken Drive-In op der Héicht zu Schous 41
Mir gi liichten 42
Mir ginn heeschen 44
Buergbrennen 46
Generalversammlung vun der Amicale vun de Pompjee 49
Generalversammlung Senioreveräin 50
Innen-Pétanque im Filano 51
Liesmoien 52
D'Klibberen… 54

**LOSIRS**

Mierscher Lieshaus 56

**GESCHICHT**

Schulkinder im Jahr 1930 58

**AGENDA**

Aktivitéitskalenner 2022 60
Mir gratuléieren 62


# Virwuert



Léif Matbiergerinnen a Matbierger aus eiser Gemeng,

2022 ass geschwënn 4 Méint al an elo, no 2 ustrengende COVID Joren, wou de Virus e wéineg am Gréff schéngt an d'Liewen an eiser Gesellschaft erëm lues a lues Richtung Normalitéit dréint hätte mir eigentlech all Grond fir eis ze freeën a positiv no vir ze kucken.

Mee zanter der Nuecht vum 24. Februar, wou Russland déi éischt Stied a Gebidder vun der Ukrain ugegraff huet, gouf d'Freed d'COVID Pandemie zum Deel iwwerstanen ze hunn, séier gebremst. Krich an Europa! D'Welt ass schockéiert an op der Kopp, Milliounen Ukrainer verloossen Hals iwwer Kapp hiert Land, vill onschëlleg Affer sinn ze bekloen, Energie- a Liewensmëttelversuergung stinn all Dag an der Diskussioun, Militärbudgeten op der Welt gi gehéicht, dat vereenten Europa an d'Nato si gefuerdert, Ëmdenken ass gefrot a kënnt zum Deel ze spéit, och Lëtzebuerg ass gefuerdert!

Esou wéi d'COVID Pandemie ass och dëse Problem, dës nei Kris, eng Kris déi mir just zesumme kënne bekämpfen, woubäi och hei erëm ongewëss ass wéi se wäert ausgoen.

D'Solidaritéit mat de Flüchtlingen aus der Ukrain ass grouss. Eenzeler vun Iech hu Leit bei sech doheem opgeholl, anerer déi déi Plaz net hunn, hunn sech u Spendenaktioune bedeelegt oder materiell probéiert ze hëllefen. Iech alleguer déi an iergendenger Manéier bis elo solidaresch ware gehéiert grousse Respekt!

Och mir als Gemeng wëllen a kënnen net einfach nokucken. Eng zu Ufank vum Krich ugeduechte Sammelaktioun fir Hëllefsgidder, an Zesummenaarbecht mat eisen Nopeschgemengen, gouf no Ofrode vun offizieller Säit erëm fale gelooss.

Solidaritéit däerf keng Momentopnam sinn, mee ass laangfristeg gefrot. Duerfir hu mir eis decidéiert d'Paschtoueschhaus zu Fëschbech, iwwert d'Croix-Rouge, fir de Logement vun ukrainesche Flüchtlingen zur Verfügung ze stellen. Hei kënne bis zu 10 Leit ënnerkommen, an der Haaptsaach Kanner. Zanter e puer Joer ass dëst Haus mëttlerweil onbewunnt an dowéinst waren natierlech eng Rei Renovatiounsaarbechten ze leeschten ier déi nei Bewunner kënnen eraplënneren. Elleng an en plus a kierzester Zäit konnte mir als Gemeng dat schwéier meeschteren. No eisem Opruff à toutes boîtes hu vill Fräiwëlleger sech gemellt. Fläisseg Hänn, jonk an och manner jonk, hunn an 2 Wochen an engem formidabele Kollektiv a mat enger onbeschreiflecher Motivatioun d'Paschtoueschhaus erëm bewunnbar gemaach. Alle Fräiwëllegen déi hei ugepaakt hunn an dëse Projet a kuerzer Zäit gehollef hunn ze realiséieren e grousse Merci fir hiren Asaatz, dat war ganz staark! Am Gemengeblad vum August ginn et heizou méi Detailer.

Sécher ass d'Hëllef fir d'Leit aus der Ukrain am Moment iewescht Gebot. D'Liewen an d'Aarbecht an der Gemeng kann an däerf awer net stoe bleiwen. E puer ganz aktuell kuerz Infoen an eegener Saach:

- Eisen interkommunale Waasserreseau mat de Gemenge Fiels an Noumer ass op der leschter Ligne droite. Wann keng Imprevu'en méi komme missten all Aarbechte fir Määrz/Abrëll 2023 ofgeschloss sinn.
- Eis nei Kläranlag zu Fëschbech soll laut SIDERO am Februar 2023 fäerdeggestallt a betribsbereet sinn, d'Erweiderung vun der Kläranlag zu Angelsbierg wäert fréistens am September 2023 ofgeschloss sinn.
- An der „aler Molkerei" zu Schous, dem Club des Jeunes sengem aktuelle Clubsall, leeft am Laf vun dësem Joer eng Renovatioun un.
- Nom Gesetz vum 13. Februar 2018 iwwert d'Gestioun vun den „Edifices réligieux" si mir frou mat de Responsabele vum Kierchefong eng zefriddestellend Eenegung a Form vu Konventiounen iwwert eng „mise à disposition" vun eise Kierchen fonnt ze hunn.
- Personaltechnesch hu mir d'Chance eng routinéiert Sekretärin konnten ze rekrutéieren déi an den nächste Méint wäert d'Relève an eisem Gemengesekretariat iwwerhuelen, wat jo aktuell nach vum Viviane Thill bekleet gëtt.
- An noer Zukunft kënne mir op een Agent municipal ënnert dem Statut vum Bannhidder zeréckgräifen, deen eis wäert ënnerstëtze beim anhale vun eisem Polizeireglement, dat Dir jo, wéi all aner Reglementer, op eiser Web-Säit kënnt fannen. Méi Detailer zum Agent municipal kritt Dir an noer Zukunft.

Elo wënschen ech Iech vill Freed beim Liese vun dësem Blat an trotz allen Ëmstänn eng gutt Partie Optimismus, Courage a Solidaritéit fir déi nächst Méint,

mat beschte Gréiss,

*Fränk DAEMS,*
*Buergermeeschter*

# Compte rendu

## Séance publique du conseil communal du 15 décembre 2021

Présents: DAEMS Fränk – bourgmestre;
GROTZ Patrick, BROSIUS Lucien – échevins;
BETTENDORF Sven, BROSIUS Paul, MOURA Daniel,
OLINGER Kevin, SCHILTZ Laurent - conseillers

Absent excusé: TRAUSCH Claude - conseillers

A moins qu'il est indiqué autrement, les différentes décisions ont été prises à l'unanimité.

1. Des titres de recettes portant sur un montant de 31.576,56 € sont approuvés.

2. Etant donné que le plan reçu n'a pas été établi par un géomètre officiel, le conseil décide de reporter l'approbation d'un projet de lotissement/morcellement dans la rue de Rollingen à Schoos à l'ordre du jour d'une séance ultérieure.

3. Le conseil approuve les décomptes relatifs aux projets de remise en état des chemins ruraux

   - Tinnes/Ellefeld:
     Devis initial approuvé le 13/02/2020 : 118.250 €
     Dépense effective : 106.376,69 € ;

   - Op Laewend:
     Devis initial approuvé le 17/02/2020 : 142.250 €
     Dépense effective : 152.147,19 €.

4. Le conseil ratifie la convention initiale Pacte Logement 2.0.

5. Le conseil ratifie le Contrat Pacte Climat 2.0.

6. Le conseil désigne :

   - Monsieur Patrick Grotz, de Fischbach, comme délégué auprès des transports publics ;

   - Monsieur Laurent Schiltz de Angelsberg comme délégué suppléant auprès des transports publics.

7. Le conseil approuve le contrat de travail à durée déterminée de Madame Sandra Vaessen de Fischbach pour le remplacement dans le cadre de l'accompagnement dans le bus scolaire.

Ausser et ass anescht uginn, goufen d'Entscheedunge vum Gemengerot eestëmmeg geholl!

1. De Gemengerot geneemegt Einnamen iwwert 31.576,56 €.

2. Vu dass den eragereechte Plang net vun engem offiziellen Geometer erstallt ginn ass, verréckelt de Gemengerot d'Entscheedung iwwert d'Opdeelen vun enger Parzell an der rue de Rollingen zu Schous op e spéideren Zäitpunkt.

3. D'Ofrechnung vun den Aarbechte fir folgend Feldweeër an d'Rei ze maache, gi vum Gemengerot ugeholl :

   - Tinnes/Ellefeld:
     Initialen Devis vum 13/02/2020: 118.250 €
     Gesamtausgab: 106.376,69 € ;

   - Op Laewend:
     Initialen Devis vum 17/02/2020: 142.250 €
     Gesamtausgab: 152.147,19 €.

4. De Gemengerot ratifizéiert déi initial Konventioun zum Pakt Logement 2.0.

5. De Gemengerot ratifizéiert de Kontrakt Klimapakt 2.0.

6. De Gemengerot bestëmmt:

   - den Här Patrick Grotz vu Fëschbech als Délégéierte fir den ëffentlechen Transport;

   - den Här Laurent Schiltz vun Angelsbierg als Ersatz-Délégéierte fir den ëffentlechen Transport.

7. De Gemengerot stëmmt en zäitlech begrenzten Aarbechtsvertrag fir d'Madamm Sandra Vaessen fir d'Opsiicht am Schoulbus.







8. Le conseil décide, à 6 voix et 2 abstentions (Brosius L., Schiltz) de ne pas donner une suite favorable à la demande de subside du club sportif BBC Arantia Larochette.

9. Le conseil arrête le budget rectifié de l'exercice 2021 d'après le tableau récapitulatif suivant :

8. De Gemengerot entscheet mat 6 Stëmme bei 2 Enthalungen (Brosius L., Schiltz), der Ufro vum Sportsveräin BBC Arantia aus der Fiels fir e Subsid keng favorabel Suite ze ginn.

9. De Gemengerot hält eestëmmeg de korrigéierte Budget 2021 fest.

| | Service ordinaire | Service extraordinaire |
|---|---|---|
| Total des recettes | 5 100 333,49 € | 1 368 890,00 € |
| Total des dépenses | 3 705 345,00 € | 5 360 766,53 € |
| Boni propre de l'exercice | 1 394 988,49 € | - |
| Mali propre de l'exercice | - | 3 991 876,53 € |
| Boni du compte 2020 | 2 683 792,73 € | - |
| Mali du compte 2019 | - | - |
| Boni général | 4 078 781,22 € | - |
| Mali général | - | 3 991 876,53 € |
| TRANSFERT de l'ordinaire à l'extraordinaire | - 3 991 876,53 € | + 3 991 876,53 € |
| Boni présumé à fin 2021 | 86 904,69 € | - |
| Mali présumé à fin 2021 | - | - |

Et arrête à 6 voix contre 1 (Olinger) et 1 abstention (Brosius P.) le budget de l'exercice 2022 d'après le tableau récapitulatif suivant:

| | Service ordinaire | Service extraordinaire |
|---|---|---|
| Total des recettes | 5 323 992,00 € | 5 722 060,00 € |
| Total des dépenses | 4 246 817,00 € | 6 685 215,60 € |
| Boni propre de l'exercice | 1 077 175,00 € | - |
| Mali propre de l'exercice | - | 963 155,60 € |
| Boni du compte 2021 | 86 904,69 € | - |
| Mali du compte 2021 | - | - |
| Boni général | 1 164 079,69 € | - |
| Mali général | - | 963 155,60 € |
| TRANSFERT de l'ordinaire à l'extraordinaire | - 963 155,60 € | + 963 155,60 € |
| Boni présumé à fin 2022 | 200 924,09 € | - |
| Mali présumé à fin 2022 | - | - |

# Séance publique du conseil communal du 10 février 2022

Présents: DAEMS Fränk – bourgmestre ;
GROTZ Patrick, BROSIUS Lucien – échevins ;
BETTENDORF Sven, BROSIUS Paul, MOURA Daniel, OLINGER Kevin,
SCHILTZ Laurent, TRAUSCH Claude – conseillers

A moins qu'il est indiqué autrement, les différentes décisions ont été prises à l'unanimité.

1. Des titres de recettes portant sur un montant de 1.526.064,66 € sont approuvés.

2. Le conseil approuve les décomptes suivants :

   - Participation à l'extension de la cuisine Nommern :
     Devis initial approuvé le 14/11/2013 : 44.762 €
     Dépense effective de 44.762,00 €.

     Il importe de remarquer qu'il s'agit d'un projet qui a été terminé en 2015, mais pour lequel le décompte obligatoire n'a jamais été dressé.

   - Piste cyclable PC5, prairies humides Ernz Blanche:
     Devis initial approuvé le 30/01/2007 : 350.417,56
     Dépense effective: 299.854,29 €.

3. Le conseil approuve le devis présenté par l'ASTA relatif aux travaux de remise en état de la voirie rurale au lieu-dit « Seitert » à Fischbach, au montant de 260.000 € TTC.

4. Le conseil approuve le devis concernant l'extension de l'installation photovoltaïque sur le bâtiment de l'école à Angelsberg présenté par le service technique communal s'élevant à 55.000 € TTC.

5. Le conseil approuve le devis concernant l'extension de l'installation photovoltaïque sur le bâtiment du Veräinshaus à Schoos présenté par le service technique communal s'élevant à 55.000 € TTC.

6. Le conseil approuve le devis concernant l'installation d'une centrale incendie (BMZ) dans le bâtiment de l'école à Angelsberg présenté par le service technique communal s'élevant à 40.000 € TTC.

Ausser et ass anescht uginn, goufen d'Entscheedunge vum Gemengerot eestëmmeg geholl!

1. De Gemengerot geneemegt Einnamen iwwert 1.526.064,66 €.

2. D'Ofrechnung vu folgenden Aarbechte gi vum Gemengerot ugeholl:

   - Bedeelegung un enger Kichen zu Noumer:
     Initialen Devis vum 14/11/2013: 44.762 €
     Gesamtausgab: 44.762 €

     Et handelt sech hei em e Projet de schonn 2015 ofgeschloss ginn ass, fir den awer nach keen obligatoreschen Décompte gemaach gi wor.

   - Vëlospiste PC5 a fiicht Wise laanscht d'Wäiss Iernz:
     Initialen Devis vum 30/01/2007: 350.417,56 €
     Gesamtausgab: 299.854,29 €.

3. De Gemengerot geneemegt den Devis iwwert 260.000 € TTC, dee vun der Verwaltung vun den techneschen Déngschter fir d'Landwirtschaft erstallt ginn ass, betreffend d'Erneieren vun engem Feldwee op der Plaz "Seitert" zu Fëschbech.

4. De Gemengerot geneemegt den Devis iwwert 55.000 € TTC, dee vum techneschen Gemengenservice erstallt ginn ass, betreffend Aarbechte fir d'Photovoltaique's Anlag um Dag vun der Angsber Schoul z'erweideren.

5. De Gemengerot geneemegt den Devis iwwert 55.000 € TTC, dee vum techneschen Gemengenservice erstallt ginn ass, betreffend Aarbechte fir d'Photovoltaique's Anlag um Dag vum Veräinshaus zu Schous z'erweideren.

6. De Gemengerot geneemegt den Devis iwwert 40.000 € TTC, dee vum techneschen Gemengenservice erstallt ginn ass, betreffend d'Installatioun vun enger Brandmeldezentral an der Angsber Schoul.



7. Le conseil approuve le devis concernant l'assainissement énergétique du bâtiment de l'école à Angelsberg présenté par le service technique communal s'élevant à 750.000 € TTC, comprenant l'installation de nouvelles fenêtres et la construction d'un avant-toit donnant protection contre le soleil et la pluie.

8. Le conseil approuve à 7 voix contre 2 (Brosius P., Olinger) le devis relatif à la rénovation/remise en état du bâtiment « Al Molkerei » à Schoos présenté par le service technique communal s'élevant à 70.000 € TTC.

   Vu que le budget initial 2022 ne prévoit qu'un crédit de 60.000 € pour ces travaux, le Conseil communal décide à 7 voix contre 2 (Brosius P., Olinger), d'augmenter ce crédit budgétaire à 70.000 €.

9. Le conseil décide de reporter l'approbation du devis relatif à divers travaux au Veräinshaus à l'ordre du jour d'une séance ultérieure et demande que la possibilité d'installer un système de contrôle via KNX soit analysée.

10. Vu l'introduction de deux recours en réformation voire annulation contre le PAG auprès du Tribunal administratif, le conseil approuve un crédit supplémentaire de 50.000 € pour la procédure de révision du PAG du budget extraordinaire de l'exercice 2022.

11. Le conseil approuve le principe des conventions présentées par le collège des bourgmestre et échevins portant sur la mise à disposition des églises au Fonds de gestion des édifices religieux pour l'exercice du culte catholique :

    - à l'unanimité en ce qui concerne l'église de Fischbach ;
    - à 8 voix contre 1 (Schiltz) en ce qui concerne l'église d'Angelsberg ;
    - à 6 voix contre 3 (Moura, Olinger, Schiltz), en ce qui concerne l'église de Schoos.

12. A 6 voix contre 3 (Brosius P., Olinger, Schiltz) le conseil approuve les contrats signés dans le cadre du projet de construction d'une nouvelle mairie à Fischbach par le collège des bourgmestre et échevins avec :

    - le bureau d'ingénieurs conseils INCA s.à.r.l. de Niederanven pour la mission d'ingénierie civile;
    - le bureau d'ingénieurs conseils BETIC s.a. de Dippach pour la mission d'ingénierie technique;
    - le bureau d'architecture COEBA sàrl de Bereldange pour la mission d'architecte.

7. De Gemengerot geneemegt den Devis iwwert 750.000 € TTC, dee vum techneschen Gemengenservice erstallt ginn ass, betreffend d'energetesch Sanéierung vun der Angsber Schoul, duerch den Abäu vun neien Fënsteren an dem Bäu vun engem Viirdach, als Schutz viru Sonn a Reen.

8. De Gemengerot geneemegt mat 7 géint 2 Stëmmen (Brosius P., Olinger) den Devis iwwert 70.000 € TTC, dee vum techneschen Gemengenservice erstallt ginn ass, betreffend d'Renovatioun vun der aler Molkeréi zu Schous.

   Vu dass am initialen Budget 2022 just e Kredit vu 60.000 € fir de Projet virgesi sinn, décidéiert de Gemengerot mat 7 géint 2 Stëmmen (Brosius P., Olinger) de Kredit op 70.000 € opzestocken.

9. Well doch d'Méiglechkeet vun enger KNX-Steierung soll analyséiert ginn, gëtt d'Ofstëmmung iwwert den Devis betreffend verschidden Aarbechten am Veräinshaus zu Schous op e spéideren Zäitpunkt verréckelt.

10. Vu dass 2 Recouren géint de Bebauungsplang vun der Gemeng um Tribunal administratif agereecht goufen, geneemegt de Gemengerot zousätzlech 50.000 € um ausseruerdentleche Budget 2022 betreffend d'Prozedur fir d'Erneierung vum Bebauungsplang.

11. De Prinzip vun de Konventioune mam Kierchefong betreffend zur Verfügungstelle vun de Kierchen, gi mat folgenden Voten guttgeheescht:

    - eestemmeg wat d'Fëschber Kierch ugeet;
    - mat 8 Stëmmen an 1 Géigestëmm wat d'Angsber Kierch ugeet (Schiltz);
    - mat 6 Stëmmen an 3 Géigestëmme wat d'Kierch zu Schous ugeet (Moura, Olinger, Schiltz).

12. De Gemengerot geneemegt mat 6 géint 3 Stëmmen(Brosius P. Olinger, Schiltz) folgend Verträg betreffend de Projet fir de Bau vun enger neier Gemeng:

    - mam Ingenieursbüro INCA vu Nidderaanwen fir d'bautechnech Etüd;
    - mam Ingenieursbüro BETIC vun Dippech fir d'technesch Etüd;
    - mam Architektebüro COEBA vu Băreldeng fir d'Architektur.



GEMENG

13. Le conseil communal approuve à 6 voix contre 3 (Brosius P., Olinger, Schiltz) le principe de chercher une collaboration avec la commune de Mersch en matière d'engagement d'un agent communal/ garde champêtre.

14. Le conseil approuve un contrat de travail à durée déterminée de Madame Sandra Vaessen de Fischbach pour le remplacement dans le cadre de l'accompagnement dans le bus scolaire.

15. Le conseil décide de ne plus convoiter la certification « Fairtrade » et d'annuler son adhésion à ladite campagne, sans pour autant de s'arrêter à s'engager en faveur du commerce équitable dans les limites des possibilités communales.

16. Le conseil communal ratifie un contrat de concession de sépulture au cimetière de Fischbach.

17. Le conseil décide de ne pas donner une suite favorable à la demande de l'association dénommée « World Rescue Challenge Luxembourg 2022 a.s.b.l. » concernant l'octroi d'un subside.

13. De Gemengerot ass mat 6 géint 3 Stëmmen (Brosius P., Olinger, Schiltz) fir eng Cooperatioun mat der Gemeng Miersch fir e Gemengenagent (Pechert)/ Bannhidder anzestellen.

14. De Gemengerot stëmmt en zäitlech begrenzten Aarbechtsvertrag fir d'Madamm Sandra Vaessen fir d'Opsiicht am Schoulbus.

15. Vu den administrativen Opwand, beschléisst de Gemengerot an Zukunft op de Label "Fairtrade Gemeng" ze verzichten, sech awer weiderhin fir den fairen Handel anzesetzen.

16. De Gemengerot ratifizéiert eng Konzessioun fir e Graf um Fëschber Kierfecht.

17. De Gemengerot entscheet der Demande fir ee Subsid vum Veräin World Rescue Challenge Luxembourg 2022 a.s.b.l. keng Suite ze ginn.



## Séance publique du conseil communal du 22 février 2022

Présents: DAEMS Fränk – bourgmestre ;
GROTZ Patrick, BROSIUS Lucien – échevins ;
BETTENDORF Sven, BROSIUS Paul, MOURA Daniel, OLINGER Kevin, SCHILTZ Laurent, TRAUSCH Claude – conseillers

A moins qu'il est indiqué autrement, les différentes décisions ont été prises à l'unanimité.

1. Par vote secret le conseil communal nomme Madame Viviane Heuskin de Medernach définitivement fonctionnaire au groupe de traitement B1 auprès du secrétariat de la commune de Fischbach. Deux candidats ont déposé leur candidature et Madame Heuskin a pu réunir 6 votes.

   Madame Heuskin reprendra la fonction de secrétaire communal après le départ en retraite du secrétaire communal en fonction.

Ausser et ass anescht uginn, goufen d'Entscheedunge vum Gemengerot eestëmmeg geholl!

1. An engem geheime Vote ernennt de Gemengerot d'Madamm Viviane Heuskin vu Miedernach definitiv als Beamten vum Gehaltsgrupp B1 am Sekretariat vun der Gemeng Fëschbech. Zwee Kandidaten haten hir Kandidatur ofginn an d'Madamm Heuskin konnt 6 Stëmmen fir sech gewannen.

   D'Madamm Heuskin iwwerhëllt d'Funktioun vum Gemengesekretär nom Abschid vum aktuellen Gemengesekretär.



## NOUVELLES HEURES D'OUVERTURE DU BUREAU DE LA POPULATION :

**A partir du mercredi, le 1er juin 2022 le guichet du bureau de la population sera accessible sans rendez-vous les jeudis ouvrables de 8h30 à 11h30 et de 14 à 18 heures.**

**En dehors de ces heures, le bureau de la population est uniquement accessible sur rendez-vous.**

Notre standard téléphonique (32 70 84–1) reste joignable les matins du lundi au vendredi de 8h30 à 11h30 et les jeudis après-midi de 14 à 18 heures.

Pour éviter un temps d'attente inutile, nous vous prions de prendre rendez-vous pour les démarches suivantes :

- demande d'une carte d'identité ou d'un passeport;
- démarches en matière d'état civil (mariage, partenariat, nationalité).

Les démarches suivantes peuvent être faites via courriel à l'adresse : ***population@acfischbach.lu***

- demande / renouvellement du chèque-service ;
- certificat de résidence, respectivement d'un certificat de résidence élargi (ancienne composition de ménage).

  *Ces certificats peuvent également être téléchargés et imprimés à domicile via myguichet.lu.*

Pour les démarches suivantes votre présence au guichet communal est absolument requise :

- certificat de vie ;
- autorisation parentale ;
- légalisation de signature ;
- copies certifiées conformes à l'original (prière d'apporter l'original des documents).

**Pour toute autre démarche non énumérée, veuillez au préalable contacter notre standard téléphonique.**

## NEI ËFFNUNGSZÄITEN VUM POPULATIOUNS-BÜRO:

**Ab dem 1. Juni 2022 ass de Guichet vum Populatiounsbüro donneschdes vun 8.30 bis 11.30 Auer a vu 14.00 bis 18.00 Auer och ouni Rendezvous fir Iech op.**

**Ausserhalb vun dësen Zäiten ass de Populatiounsbüro exklusiv op Rendezvous fir Iech do.**

Eis Telefonszentral (32 70 84–1) ass méindes bis freides moies vun 8.30 bis 11.30 Auer an donneschdes mëttes vu 14 bis 18 Auer erreechbar.

Fir onnéideg Waardezäit ze vermeiden, biede mir Iech e Rendezvous fir déi folgend Demarchen ze froen:

- eng Identitéitskaart oder e Pass ufroen;
- alles wat mam Zivilstand ze doen huet (Bestietnis, Partnerschaft, Nationalitéit).

Déi folgend Saache kënnen och weiderhi per E-Mail op d'Adress ***population@acfischbach.lu*** erleedegt ginn:

- Ufro / Erneierung vum Chèque service;
- Certificat de Residence, respektiv e Certificat de Residence élargi (fréier « Composition de ménage »).

  *Dës Certificate kënnen och doheem via myguichet.lu erofgelueden a geprint ginn.*

Fir déi folgend Demarchen musst Dir perséinlech an de Gemengeguichet kommen:

- Liewensbescheinegung;
- Autorisatioun vun den Elteren;
- Legaliséierung vun Ärer Ënnerschrëft;
- zertifiéiert Kopien (w.e.g. den Original matbréngen).

**Fir all aner Demarche, kontaktéiert eis w.e.g. am Viraus iwwert Telefonszentral.**

GEMENG

# Avis au public

## RÈGLEMENTS COMMUNAUX NOUVEAUX OU MODIFIÉS:

Par délibération du 23 novembre 2020 le Conseil communal a adopté le projet de refonte du plan d'aménagement général « PAG » de la commune. Ladite décision a été arrêté par la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable en date du 3 mars 2021, approuvée par la Ministre de l'Intérieur en date du 29 juillet 2021 et publiée à la maison communale du 29 décembre 2021 au 3 janvier 2022 inclusivement.

Par délibération du 25 novembre 2021 le Conseil communal a édicté un nouveau Règlement sur les Bâtisses, les Voies publiques et le Sites. Ladite décision a été publiée à la maison communale du 29 décembre 2021 au 3 janvier 2022 inclusivement.

Par délibération du 21 juin 2021 le Conseil communal a approuvé le projet d'aménagement particulier « quartiers existant » (PAP-QE) de la commune. Ladite décision a été approuvée par la Ministre de l'Intérieur en date du 29 juillet 2021 et publiée à la maison communale du 29 décembre 2021 au 3 janvier 2022 inclusivement.

**Les textes des différents règlements sont à disposition du public à la maison communale, où il peut en être prise connaissance pendant les heures d'ouverture des bureaux.**

***www.acfischbach.lu***







# ... à propos: Wandenergie

## *Informatiounen zu de Wandanlagen um Rolléngerbierg*

**Et war elo laang Zäit roueg ëm déi geplangten industriell Wandanlagen um Rolléngerbierg. D'Bedreiwer hunn effektiv d'Evaluatioun vun den Ëmweltimpakter misse nei iwwerschaffen, well de Projet staark modifizéiert gouf.**

Déi zwou Anlage no bei Miersch goufen emol op Äis geluecht, dofir sollen déi 4 Anlagen op der Fëschber Gemengegrenz elo wesentlech méi héich ausfalen. An der Informatiounsversammlung de 15. Mäerz 2018 op der Héicht hat de Bedreiwer nach versprach, datt d'Anlagen net iwwer 150m héich ginn, elo kréien se tëschent 193m an 207m.

Den Impakt op Landschaft, Liewensqualitéit a Vullewelt gëtt gewalteg.

Dobäi leien déi geplangten Anlagen nom Plan sectoriel Paysage an enger Zone de préservation de grands ensembles paysagers.

De Site läit och matzen an der „Quiet Area QA10 Fischbach-Larochette", enger vun de leschten ausgewisene Zones calmes aus dem Guttland.



*Dat molerescht Bild vu Fëschbech gëtt duerch déi véier Industrieanlagen komplett entstallt.*



*Dat hei wier dat neit Panorama mat de véier Industrieanlagen vun der Héicht aus gekuckt.*



*Esou héich Anlagen hunn och en Impakt op de ganzen Uelzechtdall - hei eng Vue vu Steesel aus.*

De Rolléngerbierg ass Juegd- a Bruttgebitt vum Roude Milan, dem Schwaarzmilan an dem Uhu, a wéi de Mouvement écologique an engem Avis festgestallt huet, och en ausgewisent Habitat essentiel vun der Feldlerche – also alles geschützte Vullenaarten.

Domat widdersprécht de Projet objektiv gesinn allen Zilsetzungen vum Naturschutz, der Landesplanung an dem Plan sectoriel Paysage.

D'Objektiver vun dëse Gesetzestexter sinn am Wesentleche jo den Erhalt, de Schutz an och d'Restauratioun vu Charakter, Diversitéit an Integritéit vun de natierleche Liewensraim, Landschaften a vun der Biodiversitéit.

Wat sech awer nach ëmmer net geännert huet, dat ass déi marginal Energieproduktioun, déi dës Anlagen ofliwweren, d.h. konkret e puer Gigawattstonnen pro Anlag a Joer. Dat kléngt iwwerflächlech vläicht no vill, mä ass vun der Gréisstenuerdnung hier just een Zéngdausendstel vum järleche Lëtzebuerger Verbrauch an dat ouni Versuergungssécherheet, an ouni Garantie fir eng tatsächlech a relevant Reduzéierung vun den Zäregasen.

Et ass traureg, datt ausgerechent e neie Krich an Europa als Argument fir d'Wandenergie an der ëffentlecher Diskussioun muss hierhalen. Kritt ee méi Onofhängegkeet duerch Wandenergie?

D'Praxis weist genau de Contraire! Konkret Beispill Däitschland: ausgerechent dat Land mat der weltwäit héchster Densitéit vu Wandanlagen, ass och eent vun de Länner déi wéinst den ëmmer méi héije wiederofhängege Schwankungen bei der Strouproduktioun am meeschte vu (russeschem) Gas a Steekuel ofhängeg gi sinn. Dowéinst huet Däitschland jo och mat déi héchsten $CO_2$ Intensitéiten am europäesche Stroumsecteur ze verzeechnen.

Et gëtt vläicht kommerziell Interessen fir de Bedreiwer, awer sécher kee Notze fir d'Allgemengheet, deen all déi opgezielten Impakter géing rechtfäerdegen.

Mir sollte näischt onversicht loossen, fir de Bau vun dësen Industrieanlagen ze verhënneren. Wann de Projet geschwënn an d'Kommodosprozedur geet, huet all Bierger d'Geleeënheet fir sech zu Wuert ze mellen a fir eng intakt Natur a Liewensqualitéit anzetrieden.

*de Schäfferot*

# D’Schoulkanner planzen Uebstbeem

**Och dëst Joer hu mir nees eng sëllechen Uebstbeem geplanzt. D’Bëschaarbechter hunn – wéi all Joer - am Virfeld nees mat décken Eechepéil an Drot Kadere gebaut fir datt d’Ranner, an dës Keier och d’Wëld ( well mer hei ëmmer no beim Bësch sin ) - d’Beem net futti maache kënnen.**

Den 30. Mäerz 2022 hunn d’Kanner mat hirem Léierpersonal aus der Angsber Schoul eis äifreg mat Spuet an Heel gehollef fir déi Uebstbeem ze planzen. Dëst woren d’Joffer Lara Moies matt hiere Kanner aus dem Cycle 4.2 a Mëttes matt de Kanner aus dem Cycle 3.1, wou zu Stuppëcht 17 nei Uebstbeem geplanzt gi sinn, an dat bei guddem Wieder.

Den Dag drop, den 31. Mäerz 2022 goufen eng 7 Beem zu Fëschbech hannert der Schmëtt geplanzt: eng Mëschung aus Äppel-, wëllen Biren- an Äppelbeem. De Cycle 4.1 matt der Joffer Sarah hun sech där Sache bei beschten Planzwieder, also bei Reen, ugeholl a sin souguer mam Vëlo bis bei eis komm fir beim Planzen matzehëllefen. Nom ville Schaffen waren d’Kanner ëmmer gutt hongreg a kruten nach e Stéck Kuch an eppes ze drénken fir sech nees ze stärken.



Et war immens schéin ze gesinn, mat wat fir enger Begeeschterung d’Kanner geschafft hunn. Mir soe villmools Merci fir d’Hëllef!

Wéi schonn déi lescht Joeren huet eis Gemeng och fir d’Joer 2022 e Budget vun 10.000 Euro gestëmmt fir Bongerteprojeten ze ënnerstëtzen. Dës Sue streckt d’Gemeng deemno vir, an da ginn duerno 70-75 % Subside vum Staat iwwert déi Biologesch Statioun vum Mëllerdall zeréckgefrot. De Rescht, also deemno déi aner 25-30 %, leet d’Gemeng bäi.

*Text & Fotoen: Oli Molitor*

















# Grouss Botz

## Ëmweltkommissioun

26.03.2022

**Nodeems 2021 d'Grouss Botz net nom klassesche Model ofgehale gouf, konnten all Hëllefsbereet Leit aus der Gemeng sech dëst Joer erëm Samschdes de 26. Mäerz wéi gewinnt op der Héicht gesi fir zesummen dem Dreck, deen déi leider onvergänglech „Knaschtpitien" alt erëm laanscht Weeër a Stroossen hannerlooss haten, Här a Meeschter ze ginn.**

No der Opdeelung vun den Tournéeën an nom verdeele vu Gilet, Tuten a Pëtze konnten d'Botzequipe sech bei licht summerlechen Temperaturen op de Wee maachen. Wéi ëmmer huet de Service technique vun der Gemeng d'Aktioun ënnerstëtzt. De Laurent an de Christophe hunn déi voll Tuten agesammelt an donieft och eng Botz-Tournée iwwerholl.

Et gouf fläisseg opgeraf a gesammelt esou dass Owes och all Bedeelegt sech e Patt an e Maufel op der Héicht am Veräinshaus verdéngt haten.

Besonnesch laanscht Weeër a Stroossen wou motoriséierten Trafic ënnerwee ass, war vill opzerafen. Hei schéngt d'Hemschwäll besonnesch kleng ze si fir eppes aus der Fënster ze werfen. Op eise Spadzéierwéeer duerch de Bësch an iwwert de Flouer spiert een dogéint de Respekt vum Benotzer vis-à-vis vun eiser Natur. Hei fënnt ee bal kee Knascht. Bravo!

Alles an allem koume ronn 300 kg Knascht zesummen. Kléngt fir deen een oder aneren no net vill, an awer, 300 kg Knascht an der Natur sinn op mannst 300 kg ze vill. Duerfir freeë mir eis och elo schonn d'Editioun 2023 ze plangen, Samschdes de 25. Mäerz (SAVE THE DATE), a vläicht sidd dir jo dann och bei der „bonne action" dobäi!

Merci deene fläissegen Hänn déi deen Dag am Asaatz waren, virun allem alle Kanner déi mat guddem Beispill a vill Asaatz virgaange sinn!

*fir d'Ëmweltkommissioun,*
*Fränk DAEMS*



















# Aktivitéiten an der Schoul

## Nei Hochbeeter fir de Cycle 1

Pünktlech fir de Start an d'Fréijoer goufen am Haff vum Cycle 1 zwee nei Hochbeeter installéiert. Hei wäerten an Zukunft Blummen a Geméis ugeplanzt ginn, sou dass d'Kanner d'Méiglechkeet hunn, de Wuesstem vun de Planzen ze beobachten a sech selwer drëm ze këmmeren. Duerno dierf natierlech och geschmaacht ginn oder et gëtt eppes Leckeres mat de Saachen aus dem eegene Gaart gekacht.

Fir d'éischt awer hunn d'Hochbeeter mol misse gefëllt ginn, hei hu vill fläisseg kleng Hänn gehollef.









| Angsber Schoul |











ENSEIGNEMENT & ERZÉIUNG





# Ausflich










# KJT Kanner - Jugendtelefon







| Angsber Schoul |



# Fuesent





















# Liichten

Den 2. Februar sinn d'Kanner aus der Gemeng liichte gaangen. Fir hir schéi Lampionen ze weisen, hunn d'Kanner aus dem Cycle 1 och den Tour vun deenen anere Klassen an der Maison Relais gemaach. Och de Wee bis virun d'Fënstere vun de Cyclen 2-4 hunn d'Kanner mat hire Liichtebengelcher fonnt a schéi gesongen.













# Poppentheater am Cycle 1



Freides, den 18. Mäerz hat de Cycle 1 Besuch vun der Harzer Puppenbühne. Am Multi-Funktiounsraum haten d'Poppespiller hir Bühn opgebaut, fir de Kanner dat flott Stéck vum Fräschekinnek ze spillen. D'Begeeschterung war grouss, virun allem well och de Schleek Meme rëm mat derbäi war.



# Madagascar



**Depuis octobre 2021, les deux classes du cycle 4 sont en correspondance avec deux classes au Madagascar. Dans les premières lettres, nous nous sommes présentés et nous avons eu un échange sur notre école, nos villages et notre Maison relais. En février, nous avons écrit sur les animaux du Luxembourg. En ce moment, nous attendons leurs réponses.**

Comme ils nous ont dit qu'ils avaient besoin de livres français, nous avons eu l'idée de collectionner de l'argent afin d'acheter des livres français à leur niveau. Nous avons vendu du gâteau à l'école avec un bénéfice de 280 euros.

Merci à tous les élèves qui ont acheté un morceau de gâteau et à tous les parents qui ont fait ces bons gâteaux!


















## TURNEN 3.1 A 4.2





# EIN INTERVIEW ÜBER DEN KRIEG IN DER UKRAINE





**Hallo, wir sind die Kinder aus dem Cycle 4.2. Wie wohl viele andere Kinder auch, waren wir seit Beginn des Krieges in der Ukraine sehr beunruhigt und haben uns gefragt, was dieser Krieg für uns in Luxemburg bedeutet. Wir haben im Klassenrat sehr viel über den Krieg geredet und uns Kindernachrichten angeschaut und trotzdem blieben viele Fragen offen.**

Dann hat unsere Lehrerin uns erklärt, dass sie ein Interview mit Lena Bock arrangieren könnte. Frau Bock arbeitet in der EU-Kommission und weiß viel über den Krieg in der Ukraine und am 28.03.2022 fand dann das Interview über „Teams" statt. Wir haben ihr sehr viele Fragen gestellt, die mit dem Krieg zu tun haben und uns beschäftigten. Sie konnte uns unsere Fragen beantworten und viele interessante Informationen mitgeben. In diesem Artikel haben wir einige unserer Fragen und Antworten, die wir Frau Bock gestellt haben, ausgewählt und aufgeschrieben. Das Interview haben wir auf Luxemburgisch geführt. Viel Spaß beim Lesen!



Lena Bock

Auf www.logo.de findet ihr weitere Informationen zum Thema „Krieg in der Ukraine": unter dem Link https://www.zdf.de/kinder/logo/krieg-russland-ukraine-102.html.



***Kanner: Säit wéini gëtt et d'NATO?***
**Lena Bock:** D'Nato gett et säit dem Abrëll 1949, se ass nom Zweete Weltkrich gegrënnt ginn.

***K: Wisou wëll Russland d'Ukraine anhuelen?***
**LB:** D'Ukrain ass zwar am Géigesaz zu Russland e ganz klengt Land an awer ganz interessant fir Russland. Bis 1991 huet d'Ukrain zu der Sowjetunion gehéiert a säit der Opléisung ass d'Ukrain onofhängeg. Bis lo gehéiert d'Ukrain net an der EU an och net zu der NATO. Scho säit 2014 ginn et Konflikter zwëschent der Ukrain a Russland, zumools am Oste vun der Ukrain, wou Russland ëmmer rëm probéiert, sech Stied an Provënzen „zeréck" zehuelen.

***K: Dierf d'NATO Länner hëllefen, déi net an der NATO sinn, wéi z.B. d'Ukrain?***
**LB:** Nee, d'NATO dierf deene Länner militäresch net hëllefen. D'NATO-Länner dierfen zwar Ënnerstëtzung sous forme vu Materialie schécken, wéi z.B. Waffen, mee keng Zaldoten.



***K: Kënnt et zu engem drëtte Weltkrich?***



**LB:** An engem Weltkrich sinn et déi grouss Länner, déi géintenee Krich féieren, net awer déi ganz Welt. Hautdesdaags ass de Krich allerdéngs ganz anescht wéi mir eis dat villäicht virstellen. Et gëtt souguer „Cyberkrich" iwwer Internet, et gëtt awer vill diskutéiert zwëschent de Politiker, wéi z.B. mam Putin am Moment. Lëtzebuerg gëtt op alle Fall elo net bombardéiert, maacht iech do keng Suergen!

***K: Villmools merci!***
**LB:** Merci iech fir är ganz interessant Froen!







# Statiounen - Mathe - Cycle 3





















# Schlittschong




















## Spillnomëtteg









| Angsber Schoul |





# Une visite chez les pompiers à Schoos

**Lundi, le 21 mars 2022, la classe du cycle 3.2 a eu l'opportunité de faire une visite chez les pompiers à Schoos dans le cadre du cours de français.**

La classe a fait connaissance de l'intérieur de l'ambulance de Larochette ainsi que du camion fourgon-pompe des pompiers de Fischbach. Dans un troisième atelier, les élèves ont pu s'entraîner à appeler les secours.

La classe entière profite de cette occasion pour remercier les pompiers volontaires de Fischbach et de Larochette pour ce chouette après-midi.








# Aktivitéiten an der Maison Relais

## Projet „Challenges"

**Säit e puer Wochen leeft an der Maison Relais den neie Projet, genannt „Challenges". Dëse Projet gëtt an der entrée an der Maison Relais ausgestallt.**

D'„Challenges"ass entwéckelt gi mam Zil, déi verschidde Klassen aus dem Cycle 2 - 4, op indirekt Aart a Weis, neess méi no zesummen ze bréngen nodeems mir wéinst de Corona-Mesure nëmmen nach an zouene Groupe geschafft hunn an keen Austausch méi ënnert deene verschiddene Cycle war.





All Kand aus all Cycle vum Cycle 2 - 4 kann bei engem gekënnegten Challenge matmaachen an säin Resultat op déi extra ageriichten Challengemauer aushänken loossen. No all Challenge Ronn gëtt dann ëmmer gekuckt ween den groussen Gewënner ass.











D'Challenges ëmfaassen ganz ënnerschiddlech Beräicher. Sou haten mir bis elo den spannenden Challenge „Basket" („Wéi vill Kierf packs du an enger Minutt ze schéissen?"), den Challenge „Schnell Bauen" („Ween baut an 2 Minutten deen héchsten Tuerm mat Kapla Stecker?") oder eisen Challenge „Rot emol" („Wéi vill Kamellen befannen sech an dësem Glas?").

Och wann mir elo nees am oppenen System schaffen leeft dësen Projet nach ëmmer weider. Sou waart all Woch eng néi Aufgab op déi Kanner déi motivéiert sinn hiren Sports- an Kreativitéitsgeescht erauszefuerderen an hiert Allgemengwëssen op Beweis ze stellen.

# INTERVIEW

## Gudden Moien BOD,

**du wunns jo lo schonn puer Wochen an der Maison Relais. Wéi gefällt et dir?**

Mir gefällt et ganz gutt. D'Kanner hunn sech vill Méi gemaach mir mäin Doheem gemittlech anzeriichten. Ech selwer hunn een bequeemt Këssen, mee och fir mäin Besuch hunn ech eng kleng Fotell do stoen.

**Has du schonn vill Besuch bei dir doheem?**

Jo, et waren schonn puer Kanner bei mir op Besuch, déi mir vun sech erzielen wollten. Hinnen ass et meeschtens net sou gutt gangen. Ech hoffen dat d'Schwätzen mat mir hinnen gehollef huet.

**Dierf en nëmmen bei dech kommen wann et engem net gutt geet?**

Nee op keen Fall. D'Kanner kennen zu all Moment bei mech kommen an ech sin och frou wann si mir erzielen, wat si Flottes erlieft hunn.

**Bas du ëmmer doheem?**

Meeschtens jo. Wann ech awer mol mat engem Grupp um Tour sin, dann hunn ech eng Bréifkëscht. Wann dann en Kand léiwer en Bréif schreift oder mir eppes wëll molen, kann en dat an des Bréifkëscht geheien.

Mir soen Merci fir den Interview an hoffen dir gefällt et weiderhin sou gutt bei eis an der Maison Relais.




Den Bod as en mat dem en uwert ales Schwetzen kan et muss en net mol Schwetzen nemen denken!
LENA 8







David Pierrard.
Bod ist ein guter Freund.
Bod ist ein Freund dem man Bilder malen und schreiben kann.
In seinem aussehen ist er nur eine Puppe aber nein er ist ein echt guter Freund.

Bod ist ein Freund dem man Bilder malen kann.
Bod sitzt unter der Treppe.
Chris Zwoandt.

ENSEIGNEMENT & ERZÉIUNG

# Fuesent bei den Kueben









An der Fuesvakanz hate mir fir d'Kanner de leschten Dag eng Fuesparty organiséiert. Si konnte sech verkleeden an deen Dag an hirer Roll fräi ausliewen. Et goufe Spiller ugebueden esou wéi Limbo, Stopp Danz an vill aner spannend Spiller. Duerno kruten si dann och nach ee gudde séisse Buffet zervéiert, deen d'Kanner sech gutt schmaache gelooss hunn.

Den 25. Februar, wou d'Kanner sech konnte verkleede fir an d'Schoul, hu mir bei däser flotter Initiative als Team matgemach. Sou konnt een an der Mëttesstonn beispillweis dem Harry Potter, der Prinzessin Belle, dem Super Mario an villen anere flotte Personnagen a Figuren begéinen. Dëst war eng witzeg Ofwiesselung zu eiser alldeeglecher Routine.















# Eng luewenswäert Aktioun vun de „Fraen a Mammen“ aus eiser Gemeng



**Zanter 1998 gëtt et d’Struktur „Stëmm vun der Strooss“, déi sech immens vill beméit, fir alle Leit, déi op der Strooss liewen, psychesch a physesch Problemer hunn. keng Aarbechtsplaz hunn, a sozial ausgegrenzt sinn, hiert Liewe sou gutt si kënnen ze erliichteren. D’lescht Joer haten si en Opruff gemaach fir Decken ze sammelen, fir am Wanter dësen hëllefsbedürftege Leit e bëssche Wäermt ze schenken.**

D’Fraen a Mammen aus der Gemeng Fëschbech haten dorops hi Flyeren ausgedeelt, mam wonsch, sou vill Decke wéi méiglech ze sammelen.

Am Januar 2022 konnte si mat grousser Satisfactioun 42 Decken an e puer gutt waarm Pulloveren an der Stad, 24, rue de Hollerich, deem 2. fonkelneie Site vun der „Stëmm vun der Strooss”, ofliwweren.

Déi Adress ka jidderen sech mierken, dee mat engem gudde Stéck Gezai, dat ee selwer net méi brauch, engem anere Mënsch eng Freed maache wëll.

*Fraen a Mammen*

# Generalversammlungen „En Apel fir den Duscht“

## Spuerveräin

06.02.2022 **SCHOUS**

**Den 6. Februar 2022 huet de Spuerveräin „En Apel fir den Duscht“ seng Generalversammlungen 2019/2020 an 2021 ofgehal.**

Pandemiebedéngt sin déi 3 Joer mateneen, natierlech bei engem gudden Iessen am Neptwone, iwer d’Bühn gangen.No der Usproch vum President Roger Kolber, Aktivitéitsbericht durch Sekretärin, Keesebericht vum Keessier hu mir eis ët gutt schmachen gelooss.Eis geplangten Rees op Ostend ass ofgesot gin aus bekannte Groenn. Mir hoffen dass 2023 erëm normal gëtt a mir dat Alles nohuelen.

*De Comité*





# Hierken Drive-In op der Héicht zu Schous

## Senioreveräin

12.02.2022 **SCHOUS**



**Den 12. Februar 2022 huet eise Senioreveräin fir 2.Kéier en Hierken-Drive-In zu Schous beim Verainshaus organiséiert. Genee wéi dat lescht Joer war ët e formidablen Succès.**

D’Leit hun d’Hierken bestallt, mir hun se tip top preparéiert, si konnten se nach just sichen kommen, egal ze Fouss, mam Velo oder mam Auto. Am ganzen hu mir 650 Filets verkaaft.Mir hoffen op dat next Joer, dass mir kënnen eis Hierken erem am Veraishaus servéieren.

*De Comité*





# Mir gi liichten

**Schoulkanner**

02.02.2022



*Fëschbech*





*Angelsbierg*






*Schous*

# Mir ginn heeschen

**24.02.2022**



*Schous*



*Angelsbierg*







*Fëschbech*









# Buergbrennen

Fëschber Maarkollefen
05.03.2022 FËSCHBECH







Schéisser Wiichtelcher
06.03.2022 SCHOUS





Club des jeunes Angelsbierg
06.03.2022 ANGELSBIERG











# Generalversammlung vun der Amicale vun de Pompjeeë Gemeng Fëschbech

08.01.2022 SCHOUS

**Nodeems d'lescht Joer Covid bedéngt eng gekierzte Generalversammlung ouni Iessen ofgehalen gouf, hat d'Amicale vun de Pompjeeë Gemeng Fëschbech dëst Joer nees hir Memberen op d'Generalversammlung mat traditionellem Iessen an d'Veräinshaus op Schous invitéiert, dat ganzt natierlech ënnert dem virgeschriwwenen Covidcheck.**

De President Luss Brosius konnt vill Memberen begréissen, dovunner och eng ganz Rei operationell Memberen aus dem CIS Fëschbech, wéi eisen Asazzenter offiziell beim CGDIS heescht. Vun der Gemeng war de Conseiller Dan Moura der Invitatioun nokomm, an de Schëffen Patrick Grotz huet de Buergermeeschter vertrueden, deen verhënnert war. No enger Gedenkminutt fir déi verstuerwe Memberen gouf den Aktivitéitsbericht vum Sekretär Lucien Karier virgedroen. Aus deem geet ervir, datt d'Amicale zur Zäit 61 Memberen huet an datt trotz Pandemie d'lescht Joer d'Kiermesham konnt organiséiert ginn. Och de geplangten Ausfluch an de Pompjeesmusée op Wolz konnt stattfannen. D'Lis Karier, Chef d'Unité vun der Jugendsektioun déi aus 14 Jugendmemberen besteet, huet matgedeelt, datt dat vergaangent Joer mat 16 Jugendübungen nees méi Aktivitéiten konnten ofgehale ginn ewéi 2020. Zwee Jugendlecher hunn de Wëssenstest matgemaach a beim nationale Cross war eis Jugendsektioun och vertrueden. D'Jugendpompjeeën sinn och e puer Mol zesumme komm, fir d'Adventsfënster virzebereeden.

Bei dëser Generalversammlung gouf och de Bilan vum CIS vun hirem Chef Lucien Karier presentéiert. 24 Memberen hunn 2021 bei 10 Asätz am Beräich Incendie-Sauvetage an 8 First Responder Interventiounen déi néideg Hëllef geleescht. Bei der Formatioun gouf et niewent de lokalen Übungen och nach 19 Ausbildungen beim Formatiounsinstitut vum CGDIS. Schlussendlech gouf am Oktober eisen alen Tankwon duerch e méi neien mat enger Mannschaftskabinn a méi Tankvolumen ersat.

De Keessjee Gilbert Dinis konnt a sengem Bericht matdeelen, datt mer d'Joer mat engem klengen Iwwerschoss ofgeschloss hunn. De Schäffen Patrick Grotz, huet als Vertrieder vum Buergermeeschter eise Pompjeeën e grousse Merci ausgedréckt fir déi wäertvoll Aarbecht an eiser Gemeng an alles Gutts fir Zukunft gewënscht.

No der Versammlung huet d'Amicale op en Iessen an de grousse Sall vum Veräinshaus invitéiert, dat sech all Member gutt schmaache gelooss huet. Et sief nach bemierkt, datt kuerz nom Dessert eis Sektioun nach op en Autosaccident op Guddelt geruff gouf.

*Lucien KARIER*
*Sekretär*





WAT WAR LASS ?

# Generalversammlung

**Senioreveräin** 13.03.2022 **SCHOUS**

**Den 13. März 2022 ass eis Generalversammlung aus dem leschten Joer ofgehalen gin. Presidentin Marie-Louise Haas konnt ronn 50 Memberen begréissen, ënner anerem den Schäffen Patrick Grotz a Vertriedung vum Buergermeeschter.**

2021 konnten mir erëm e puer Aktivitéiten organiséieren z.B. Hierken-Drive-In, Mammen- an Pappendag feieren an eis eeler Matbierger éieren bei eiser Journée du Grand-Âge. No der Generalversammlung huet eise Veräin de Memberen eng Hameschmier, Kaffi an Taart offréiert.Mir konnten nach e puer flott Stonnen a gudder Gesellschaft op der Héicht verbrengen, an hoffen dass erëm Normalitéit an eist Vereiner an eist Liewen könnt.

*De Comité*







## OPRUFF

**Mir géifen eis freeën fir nei Memberen opzehuelen, déi nach fit sinn, fir eis e bësschen ze ënnerstetzen an natierlech och mat eis ze feieren. Wien Interessi huet, kann sech mëllen beim Marie-Louise Haas, GSM 621 512 460.**

**Mir soen Merci.**





# Innen-Pétanque im Filano

**Seniorenaktivität**

**Pétanque macht Spaß, aber man kann es nur im Sommer spielen, wenn man keine extra Halle hat. Ein zweites Problem ist das Gewicht und die Härte der Kugeln, wodurch einige Personen irgendwann nicht mehr spielen können, da es schmerzt.**

Beim Innen-Pétanque benutzen wir spezielle Kugeln aus Kunststoff die etwas leichter sind, sehr gut in der Hand liegen und mit denen jeder spielen kann. Und das Beste ist, dass man mit diesen Kugeln einfach überall im Innenbereich spielen kann. Auf Holz, auf Fliesen, auf Linoleum usw.

Für das Spielen im FILANO haben wir extra eine mobile Bahn gezimmert, und wir stellen Ihnen auch die Kugeln zur Verfügung.

Gespielt wird immer Montags, ausser in den Schulferien, von 14h00 - 16h00 unter der Leitung eines Trainers vom Club Uelzechtdall.

Eine Anmeldung unter der Nummer 263364-1 (Club Uelzechtdall) ist erforderlich, und es wird eine Beteiligung von 20 Euro pro Trimester gefragt.







# Liesmoien

## Elterevereenegung Fëschbech

**27.03.2022 ANGELSBIERG**

**Den 27. Mäerz konnt d'Elterevereenegung endlech nees een Liesmoien fir d'Kanner organiséieren.**

D'Isabelle Hild huet säin Buch 'Watgelift?' virgestallt an Grouss a Kleng zum Laachen bruecht mat der Fee Kressida déi den Déieren hir Wënsch net richteg versteet. Wien sech selwer am Zauberen wollt probéieren konnt duerno een Zauberstaf bastelen oder sech mat engem Muffin stäerken.

































*Wëllst du d'APEF mat enger Memberskaart ënnerstëtzen ?*

Payez mobile avec payconiq

Scan de Code

apef
Elterevereenegung Fëschbech

# D'Klibberen...

**Traditiounen / Schoulkanner** 14-16.04.2022

*Dik dik dak,*
*muer as Ouschterdag ...*









*Fëschbech*



*Angelsbierg*



*Schous*

# Mierscher Lieshaus

Lieshaus - D'Loscht um Liesen

**Das Mierscher Lieshaus, kurz MiLi, ist eine Öffentliche Bibliothek im Zentrum von Mersch, an der Hauptstraße Rue Grande-Duchesse Charlotte gelegen, direkt neben dem Kulturhaus nahe Michelplatz.**

Diesen Ort besuchen Menschen zum Arbeiten und zum Zeitvertreib, zur Informationsbeschaffung und zum Informationsaustausch oder einfach nur, um sich Hörmedien oder Lesestoff zu besorgen oder auch um an einer Veranstaltung aus dem Programmteil (z.B. Lesungen, Buchclub, Workshops, Konferenzen zu aktuellen Themen u.s.w.) teilzunehmen. Auch Schulklassen und andere Kindergruppen kommen gerne auf einen Erkundungsbesuch oder eine Lesung vorbei.

Alle Menschen – unabhängig von Geschlecht, Nationalität, ethnischer und sozialer Herkunft, Religion/Weltanschauung/Behinderung, Alter sowie sexueller Orientierung – sind gleichermaßen willkommen, so lange sie sich an Hausordnung und Ausleihregeln halten.

Gratis Nutzerkarten für die Ausleihe erhält man während der Öffnungszeiten an der Rezeption gegen Vorlage eines gültigen Identitätsnachweises, sofern man nicht schon einen gültigen Leserausweis einer anderen öffentlichen Bibliothek des bibnet.lu vorweisen kann.

Das Team des MiLi berät Sie gerne und erklärt Ihnen die Funktionsweise, z.B. der RETOURBOX oder der Online-Vorbestellung über https://www.a-z.lu/

Im Mierscher Lieshaus finden Sie:


- Leseanregungen
- Aktuelle Romane und Sachbücher auf Deutsch, Französisch, Luxemburgisch und Englisch
- Klassiker
- Kinder- und Jugendliteratur
- Zeitschriften
- Hörbücher
- Tonie-Hörfiguren
- WiFi
- Computerarbeitsplätze
- Einen ruhigen Platz zum Arbeiten/Lernen

Weitere Informationen, z.B. über aktuelle Öffnungszeiten, das zusätzliche Programmangebot, Lesetipps und sonstige Änderungen/News/ Kontakt finden Sie auf der Homepage:

**www.mierscher-lieshaus.lu**


und auf Facebbook unter „Mierscher Lieshaus“.
Laden Sie sich gerne die Mierscher-Lieshaus App auf ihr Smartphone, um keine Neuigkeiten zu verpassen.

















| Geschicht |

# Schulkinder im Jahr 1930

**Bei diesem Klassenfoto handelt es sich um Schulkinder aus Angelsberg, Gudelt, Binzrath und Meysemburg um das Jahr 1930 herum. Bei den Benennungen berufe ich mich auf Aussagen vom verstorbenen Hubert Kies. Hubert Kies war ein Kenner der Familien aus dem Dorf Angelsberg.**

Bei der Lehrerin soll es sich um eine gewisse Frau Maria Reuter oder ein Fräulein Maria Reuter handeln.

Hubert Kies konnte folgende Kinder benennen:
1. Reihe (v.l.n.r.)
das dritte Kind ist Helene Weber (Jahrgang 1924), rechts daneben Marie-Therese Wiltgen (Jahrgang 1923) und Lony Weis



2. Reihe (v.l.n.r.)
der zweite Junge ist Emile Weber (Jahrgang 1922, im Krieg gefallen), der vierte Junge müsste Albert Zossong sein, ganz rechts neben der Lehrerin soll es sich um Maria (Mia) Peter handeln

3. Reihe (v.l.n.r.)
ganz links, hier könnte es sich um Bernhard Brucher handeln, der Junge daneben könnte Robert Zossong sein. Das erste Mädchen von links in der 3. Reihe ist Aloysia Erpelding (Jahrgang 1920)

4. Reihe (v.l.n.r.)
ganz links August/Gusty Weis (Jahrgang 1923, im Krieg gefallen)
Folgende Kinder müssten auch auf dem Klassenfoto abgelichtet sein
Marie Demuth 13.02.1919 (Beringerberg)
Bertha Wiltgen 16.03.1919
Leo Wirtz 06.11.1919
Emil Weis 08.11.1919
Jos Wirtz 11.11.1920
Léonie Marguerite Weis 04.05.1921
Bernard Brucher 17.05.1921 (Beringerberg) im Krieg gefallen
Robert Zossong 06.09.1921 (Binzrath) im Krieg gefallen
Johann Peter Thill 22.06.1922
Albert Zossong 24.08.1922 (Binzrath) im Krieg gefallen
Therese Rauchs 11.12.1922
André Thill 11.05.1923

Ausser Helene Weber müssten sich noch weitere Kinder vom Jahrgang 1924 auf dem Klassenfoto befinden. Aus Datenschutzgründen ist es noch nicht möglich die Namen dieser Kinder herauszufinden. Sie müssten jedoch ausschliesslich in der ersten Reihe stehen, da es sich um die jüngsten Kinder handelt.

Es bleibt unklar ob die Kinder vom Beringerberg (Bernard Brucher, Martin Hilbert und Marie Demuth) auch in die Angelsberger Schule gingen. Marie Demuth wurde aber benannt von Hubert Kies und soll in der letzten Reihe in der Mitte vor der Kirchentür stehen. Rechts neben ihr soll Marguerite Weis stehen, was auch Sinn macht. Marguerite trägt eine ähnliche Halskette wie ihre Schwester Lony in der ersten Reihe. Es befindet sich noch ein weiteres Geschwisterpaar auf dem Klassenfoto. Beide tragen ein Kleid aus dem gleichen Stoff (1. und 2. Reihe). Ausserdem wurde noch Martin Hilbert (Jahrgang 1921) vom Beringerberg benannt. Auch er soll sich in der letzten Reihe befinden.







Vielleicht erkennt jemand ein Familienmitglied. Ich würde mich sehr freuen wenn weitere Kinder mit Sicherheit benannt werden könnten und stelle den betreffenden Familie auch gerne eine digitale Kopie des Klassenbildes zur Verfügung.

Zum Schluss möchte ich allen Personen danken, die mir bei der Benennung der Kinder hilfreich waren oder es zumindest versucht haben, insbesondere Aline Scholtus-Loutsch, Amélie Theisen und den Verstorbenen René Damgé und Hubert Kies

Für Fragen, Antworten und Verbesserungen stehe ich zur Verfügung
Elisabeth Weber Tel. 621 768 809

[1] Hierbei handelt es sich um eine Vermutung. Ein Vergleich mit dem Totenbild des jung verstorbenen Albert deutet aber darauf hin, dass es sich um denselben handelt. Die gleiche Vermutung gilt für seinen Bruder Robert Zossong. Von Bernard Brucher habe ich kein Vergleichsfoto. Er könnte aber seinem Bruder Jean sehr geähnelt haben. Alt-Angelsberger werden ihn wohl auf dem Foto erkennen.
[2] Siehe unter 1.
[3] Siehe unter 1.

# 2022

**Schéckt eis är Manifestatioun op: gemengeblat@acfischbach.lu**

## MEE

**01** — EISCHT MEEFEIER
*Schous* / Wiichtelcher

**06** — HEXEBAL
*Schous* / Club des jeunes

**09** — EUROPADAG
Gemeng Fëschbech

**29** — ALBINUSFEIER
*Angelsbierg* / Kathoulesch Kierch

## JUNI

**10** — MADAGASCARFEST
Angsber Schoul

**11** — MAMMENDAGSFEIER
*Schous* / Senioreveräin

**18** — NOPESCHFEST
*Fëschbech* / Fëschber Nopeschfest

**22** — VIROWEND NATIONALFEIERDAG
*Fëschbech & Schous* / Gemeng

## JULI

**07** — GRILLPARTY
*Schous* / Senioreveräin

**15** — SCHOULFEST
*Schous* / Apef

**17** — PARFEST
*Schous* / Chorale

## AUGUST

**15** — WËSCH AN DER KAPELL
*Schous* / A. C. F. L. - Kathoulesch Kierch

## SEPTEMBER

**11** — FLOUMART
*Schous* / Senioreveräin

## OKTOBER

**06** — PAPPENDAGSFEIER
*Schous* / Senioreveräin

**16** — COMMÉMORATION
Gemeng Fëschbech

JOURNÉE DU GRAND-ÂGE
*Schous* / Senioreveräin

**23** — FAIREKAFFISBUFFET
Gemeng Fëschbech

## NOVEMBER

**13** — FËSCHBER KIERMES

SCHÉISSER KIERMES

KIERMESHAM MAT THÉ DANSANT
*Schous* / Pompjeeën

**27** — SCHLUECHTFEST
*Schous* / Senioreveräin

## DEZEMBER

**1 - 24**

AKTIOUN ADVËNTSFËNSTER
Kultur- a Veräinskommissioun

**05** — DE KLEESCHEN KENNT AN D'SCHOUL
Gemeng Fëschbech

DE KLEESCHEN FIRT DUERCH D'GEMENG
Club des Jeunes





# Mir gratuléieren




**De Jean Weisgerber ass den 13.Mäerz 1942 zu Hesper gebuer, eng gutt Geleeënheet him fir seng 80 Joer ze gratuléieren.**

De Schäfferot aus der Gemeng huet him mat engem flotte Blummenarrangement zu sengem ronne Gebuertsdag felicitéiert. Den 18.November 1961 ass hie mam Gerda Welter bestuet ginn. Hien ass Papp vun 3 Kanner, Bopi vu 7 Enkelen an Urbopi vun 2 Urenkel. Säit 1973 wunnt hien zu Fëschbech, huet um Schlass geschafft vun 1980 bis zu senger Pensioun am Joer 2000. Seng Hobbye sinn d'Fëschen, am Gaart schaffen a Bastelen. Vill Zäit verbréngt hie mat senge Kanner, Enkelen an Urenkelen.

De Schäfferot seet dem Jean a Gerda villmools Merci fir de sympatheschen Empfang a wënscht dem Jean alles Gutt's, eng stabil Gesondheet a nach vill Joren derbäi.

*Marie-Louise HAAS*





**ADMINISTRATION**
**COMMUNALE DE FISCHBACH**
1, rue de l'église L-7430 Fischbach

**Heures d'ouverture**
**Du lundi au vendredi de 08h30 à 11h30**
**Jeudi de 14h00 à 18h00**
**Tél: 32 70 84-1 / Fax: 32 70 84-50**
**E-Mail: commune@acfischbach.lu**
**www.acfischbach.lu**

**COLLÈGE ÉCHEVINAL**
Secrétariat 32 70 84 - 42
Bourgmestre: DAEMS Fränk
frank.daems@acfischbach.lu
1. Échevin: GROTZ Patrick
patrick.grotz@acfischbach.lu
2. Échevin: BROSIUS Lucien
luss.brosius@acfischbach.lu


**SECRÉTARIAT COMMUNAL**
secretariat@acfischbach.lu
THILL Viviane 32 70 84 - 42
viviane.thill@acfischbach.lu
HOTTUA Daniel 32 70 84 - 20
daniel.hottua@acfischbach.lu

**BUREAU DE LA POPULATION**
population@acfischbach.lu
SCHOLTES Michèle 32 70 84 - 25
michele.scholtes@acfischbach.lu
HOFFMANN Serge 32 70 84 - 21
serge.hoffmann@acfischbach.lu

**RECETTE COMMUNALE**
recette@acfischbach.lu
SCHOLTES Michèle 32 70 84 - 25
michele.scholtes@acfischbach.lu

**SERVICE TECHNIQUE**
technique@acfischbach.lu

**SERVICE FORESTIER**
MOLITOR Olivier 87 96 49
olivier.molitor@anf.etat.lu


**Le Palais à Luxembourg et les châteaux Berg & Fischbach**
Les reliefs de la façade de style Renaissance du Palais grand-ducal, qui ont 450 ans, et les transformations des années 1890 ne permettent que rarement, dans une vision d'ensemble, de s'attarder sur les détails. Il en est de même pour les façades et les parcs moinsaccessibles des châteaux de Berg et de Fischbach. Pour ces trois résidences, le photographe Marc Schoentgen a passé de nombreuses semaines d'observation à fixer et à classer en image lesinnombrables particularités et aspects individuels des façades. Les constatations ainsi faites contribuent à une nouvelle perspective sur les résidences grand-ducales. Les textes de Pierre Even sur leur histoire et leur éclairage en matière d'histoire de l'art résument les connaissances acquises jusqu'à présent, les corrigent et les complètent. L'histoire de la construction du château de Berg de 1907à 1911 est publiée ici pour la première fois sur la base de sources nouvellement exploitées.

**Die großherzoglichen Residenzen - neu entdeckt**
Fotos: Marc Schoentgen I Texte: Pierre Even
Format: 28,5 x 28,5 cm I Einband: Hardcover matt mit partiellem Foliendruck I Seiten: 312
Sprache: Deutsch - Französisch - Englisch
ISBN: 978-2-919792-22-1 I Preis: 49,00 €

EDITIONS SCHORTGEN
www.editions-schortgen.lu

**COMMUNE DE FISCHBACH**
1, rue de l'église L-7430 Fischbach

www.acfischbach.lu